All dës Investitioune weisen: proppert Drénkwaasser ass keng Selbstverständlechkeet. Hannendrun stinn vill Aarbecht, Koordinatioun, Technologie – an och bedeitend finanziell Méttel.

## Schlusswuert

Bettenduerf wiisst – an domat och d'Ufuerderungen un d'Waasserversuergung. Aktuell ass d'Gemeng awer gutt geréscht, fir och an Zukunft eng sécher a qualitativ héichwärtig Versuergung ze garantéieren.

Dësen Artikel ass an Zesummenaarbecht mat der Gemeng entstanen a soll iech e besseren Abléck an d'Thema Drénkwaasser ginn. Wann dir Feedback oder Virschléi fir Themen fir d'Redaktioun vum Schloper hutt, da loosst eis dat gären wëssen.

- Lee Wagner

## Folgend Informatiounen sinn eis am Kader vun der Versammlung zum Waasserpräis vum 15. Abrëll mat Redaktiounsschluss matgedeelt ginn:

Gläichzäiteg gouf der Gemeng rezent matgedeelt, datt d'Exploitatioun vun de Foragen – op manns no aktuellem Stand – nëmme nach bis Dezember 2031 autoriséiert ass. Dës viraussichtlech Limitatioun weist, datt d'Gestioun vun de Waasserressourcen och an Zukunft mat neien Erausforderunge verbonne wäert sinn.

An deem Kontext ginn och weider Efforten vun der Gemeng verlaangt. Wéi genau dës ausgesinn – sief et am Beräich Monitoring, technesch Upassungen oder zousätzlech Etüden – ass aktuell nach net am Detail kloer. Genee dës Froen wëll d'Gemeng am direkte Gespréich mat der Administration de la gestion de l'eau klären, déi si fir weider Explikatiounen zu dëser Décisioun kontaktéiert huet.

D'Gemeng ënnersträicht dobäi hire Wëllen, konstruktiv mat den zoustännegen Instanzen zesummeschaffen, fir eng nohalteg Gestioun vun der Waasserressource ze garantéieren an gläichzäiteg d'Versuergungssécherheet fir d'Biergerinnen an d'Bierger och iwwer 2031 eraus ze assuréieren.



# WO WASSER GESCHICHTE SCHREIBT

## DIE MÜHLE VON MOESTROFF ZWISCHEN VERGANGENHEIT UND ZUKUNFT

Von der mittelalterlichen Kornmühle zum modernen Wasserkraftwerk – und zum Symbol einer Region, die Altes bewahrt und Neues wagt

Wer am Ufer der Sauer in Moestroff verweilt, spürt unweigerlich, dass dieser Ort eine besondere Sprache spricht – jene stille, aber unerschütterliche Sprache des Wassers, die seit Jahrhunderten Menschen begleitet, Maschinen bewegt und Geschichten bewahrt. Zwischen den steinernen Böschungen und dem sanften Rauschen der Strömung erhebt sich die Mühle von Moestroff, ein Bauwerk, das über nahezu acht Jahrhunderte hinweg ein Zeuge des menschlichen Erfindungsgeistes geblieben ist. Wo einst Korn gemahlen und das tägliche Brot bereitet wurde, verwandelt sich heute die Bewegung des Wassers in elektrische Energie – und damit in die unsichtbare Kraft, die unsere moderne Welt am Laufen hält.

Am 24. Oktober 2025 lud das Eigentümer Ehepaar Denise und Emile Bourg zur feierlichen Einweihung der neu errichteten Turbinenanlage. Ihrer Einladung folgten zahlreiche Gäste: Bürgermeister Patrick Mergen, die Schöffen Andy Derneden und José Vaz Do Rio, Vertreter der Wasserwirtschaftsverwaltung, Fachplaner, Ingenieure, Projektpartner aus Wirtschaft und Industrie, Handwerksbetriebe, die am Bau beteiligt waren, sowie Bürgerinnen und Bürger aus Moestroff, die diesen Tag als eine Rückkehr ihrer Mühle in das Bewusstsein des Dorfes empfanden. Durch die Zeremonie führte Clode Thommes, dessen Stimme die Geschichte des Ortes in feinen, lebendigen Strichen nachzeichnete – von den ersten Aufzeichnungen des 13. Jahrhunderts über die Ära der Industrialisierung bis hin zur Gegenwart, in der die Turbinen von Moestroff erneut singen.

Die Anfänge der Mühle reichen zurück in das Jahr 1248, als die Nutzung der Wasserkraft an dieser



MÉISCHTREFER  
MILLEN



Stelle zum ersten Mal urkundlich belegt wurde. Schon damals war der Lauf der Sauer nicht nur Lebensader, sondern auch Antriebskraft einer ganzen Gemeinschaft. Der Müller galt als Wächter der Strömung, als Hüter des Gleichgewichts zwischen Mensch und Natur. Über Generationen hinweg mahlen hier schwere Steine das Korn der umliegenden Bauernhöfe, während die Geräusche des Wassers, des Holzes und des Eisens sich zu einer eigenen Musik verbanden. In seinem Werk Bettenduerf – eng Zäitrees weist der Historiker Tom Poecker auf die zentrale Bedeutung der Mühle für das soziale und wirtschaftliche Gefüge des Dorfes hin: Sie war ein Ort der Arbeit, aber ebenso ein Ort der Begegnung, der Nachrichten und des Austauschs.

Mit der beginnenden Industrialisierung des 19. Jahrhunderts veränderte sich die Mühle tiefgreifend. Wie Émile Erpelding in seinem grundlegenden Werk Die Mühlen des Luxemburger Landes beschreibt, wurden im Jahr 1845 die alten Wasserräder durch zwei moderne Turbinen ersetzt – ein technischer Quantensprung, der Moestroff zu einem Vorreiter der damaligen Zeit machte. Die Mühle war nicht länger nur eine handwerkliche Werkstatt, sondern ein industrielles Herzstück, das weit über die Dorfgrenzen hinaus wirkte. Um die Jahrhundertwende begann man schließlich, Strom zu erzeugen – ein Wagnis, das zur Pionierleistung wurde. In einer Zeit, in der Elektrizität noch ein Privileg der Städte war, leuchteten in Moestroff bereits die ersten Glühlampen, gespeist von der Kraft des Wassers. Nach dem Zweiten Weltkrieg erhielt die Anlage 1952 eine Francis-Turbine von 200 PS, die jahrzehntelang zuverlässig arbeitete und das Dorf über die Nachkriegszeit hinaus begleitete. Während anderswo die kleinen Wasserkraftwerke verstummten und das Rauschen der Flüsse ungenutzt blieb, hielt man in Moestroff an der Idee fest, dass Naturkraft Zukunft bedeutet.

Diese Überzeugung trug das Ehepaar Bourg in die Gegenwart. Als die Regierung 2014 neue Förderbedingungen für erneuerbare Energien schuf, nutzten sie die Gelegenheit, der Mühle neues Leben einzuhauchen. Mit dem Ingenieurbüro Hydro Energie Roth aus Karlsruhe begannen 2015 die Planungen, 2022 die Bauarbeiten. Zwei Jahre lang wurde gegraben, geschalt, gegossen, gefügt und geschweißt. Rund zweitausend Kubikmeter Beton, zweihundert Tonnen Baustahl und tausend Tonnen Naturstein wurden verbaut. Die Baumeister und Handwerker, die hier arbeiteten – Maurer, Zimmerleute, Schweißer, Elektriker, Hydrotechniker und Maschinenbauer – schufen ein Werk, das das Alte ehrt und das Neue willkommen heißt. Nach



einer Bauzeit von 22 Monaten war es vollbracht: Zwei Kaplan-Turbinen mit einer Durchflussleistung von 18.000 Litern pro Sekunde erzeugen nun jährlich bis zu 1,4 Millionen Kilowattstunden Strom, genug, um etwa 450 Haushalte mit Energie zu versorgen.

Doch der Weg dorthin war kein stiller. Die gewaltigen Erdbewegungen, die beim Ausbau des Mühlenkanals notwendig wurden, ließen die Landschaft zeitweise wie eine Baustelle der Urkräfte erscheinen. Bagger fraßen sich durch die Böschungen, Lastwagen rollten über Wochen hinweg an, das vertraute Bild des Flussufers schien verloren. Viele Bürgerinnen und Bürger glaubten, die Gemeinde Bettendorf sei für diese Arbeiten verantwortlich, zumal auch die Wasserwirtschaftsverwaltung im Zuge des Projekts eine Fischleiter errichten ließ, die den Fluss für wandernde Arten durchlässig machen sollte. In seiner Rede ging Bürgermeister Patrick Mergen auf diese Missverständnisse ein: Die Gemeinde, so erklärte er, habe mit dem eigentlichen Bau der Anlage nichts zu tun gehabt; der Ausbau des Mühlenkanals sei Kernstück des privaten Vorhabens der Familie Bourg gewesen, die Fischleiter dagegen nur eine begleitende ökologische Auflage. Der Beitrag der Gemeinde beschränkte sich auf zwei technische Hilfestellungen: einen Wasseranschluss und die Einrichtung eines Adresspunktes, um der Mühle eine eigene Telefon- und Datenleitung zu ermöglichen – Voraussetzung für die digitale Fernüberwachung der Anlage.

Während draußen das Wasser durch die Turbinen rauscht, steht das alte, steinerne Mühlengebäude noch immer fest auf seinem Platz. Es wurde vom Staat als nationales Industriegebäude klassiert – ein Denkmal, das bewahrt werden muss. Seine massiven Mauern, die dunklen Holzbalken und die



Spuren jahrhundertelanger Arbeit erzählen von einer Zeit, in der Technik noch Handwerk war. Im Rahmen der jüngsten Anpassung des kommunalen Flächennutzungsplans, der sogenannten modification ponctuelle des PAG, beschloss die Gemeinde Bettendorf, dass nach Abschluss der Umklassierungsprozedur im denkmalgeschützten Baukörper acht Wohneinheiten entstehen dürfen. So wird die alte Mühle, deren Fundament einst Korn mahlte und nun Strom produziert, bald auch zum Ort des Wohnens und der Begegnung – ein Symbol dafür, wie sich Geschichte verwandeln kann, ohne zu verschwinden.


Heute, da die beiden Kaplan-Turbinen nahezu lautlos unter dem Dach des neuen Maschinenhauses arbeiten, knüpft Moestroff an eine Geschichte an, die niemals abgerissen ist. Die Anlage erzeugt sauberen Strom für die Region, das Wasser der Sauer treibt sie an – im Einklang mit Fischen, Pflanzen, Landschaft und Mensch. Die alte Mühle steht daneben wie ein Wächter, ein steinernes Gedächtnis. Sie erinnert daran, dass Fortschritt nur Bestand hat, wenn er das Alte nicht verleugnet. Der Fluss fließt weiter, unaufhörlich, unbeirrbar, so wie auch die Geschichte dieses Ortes weiterfließt – von den Händen der Müller über die Pläne der Ingenieure bis hin zu jener leisen, kraftvollen Energie, die uns alle verbindet.

- Patrick Mergen (unter Bezug auf die Artikel von Tom Poecker und Émile Erpelding) (anlässlich der Einweihung der neuen Turbinenanlage in Moestroff, 24. Oktober 2025)

©Emile Bourg



©Emile Bourg








# FLËSS A WEIEREN

Fotoe vum Dan Castiglia







A landscape photograph featuring a vibrant rainbow arching across a cloudy sky. Below the sky, a path leads through a green field towards a hillside covered in trees with autumn foliage in shades of orange and yellow. The overall scene is serene and colorful.

# **DUERFLIEWEN**



# CLUB DES JEUNES BETTENDORF

No enger Paus vun zwee Joer huet de Club des Jeunes vu Bettenduerf dës Joer eng flott Tradition nees opliewe gelooss. Zesumme mam Kleeschen sinn d'Memberen duerch d'Stroosse gaangen, fir virun allem der eelerer Generatioun eng Freed ze maachen an hinnen schéi Feierdeeg ze wënschen.

D'Preparatiounen fir dës Aktioun hunn awer scho vill méi fréi ugefaangen. An dem ale Härenhaus, am Clubsall, hu sech d'Memberen zesummefonnt, fir alles virzubereeden. Do goufen d'Kleeder a Kostümer erausgesicht, d'Tuten gepackt an d'Material prett gemaach. Mat vill Motivatioun an Teamgeescht ass do organiséiert ginn, fir datt den Owend selwer gutt ofleeft.

Wéi et dunn esou wäit war, ass de Grupp zesumme lassgezunn. Mat gudder Laun, Laachen a vill Freed si si vun Dier zu Dier gaangen. Fir vill Leit war de Besuch eng schéin Iwwerraschung, an et goufe vill flott Gespréicher gefouert. Besonnesch fir eeler Leit, bedeit esou e Moment vill.

De Club des Jeunes weist mat dëser Aktioun, wéi wichteg Zesummenhalt an enger Gemeng ass. Net nëmmen déi Besicht hu sech gefreet, och fir d'Memberen selwer war et eng beräicherend Erfahrung, déi vill positiv Erënnerungen hannerléisst.

Fir d'Zukunft hofft de Club, dës Tradition weider kënnen ze féieren an eventuell nach auszebauen, fir nach méi Leit z'erreechen an d'Freed vun der Adventszäit an d'Dierfer ze bréngen.



# CLUB DES JEUNES GILSDREF

De Club des Jeunes Gilsdref freet sech de Comeback vum Open Air Gilsdref matdeelen ze kënnen. Dës Bal huet als ee vun deenen éischten no der Corona-Pandemie mat engem opwännegen Hygiènes-Konzept d'Partylieden nees erwächt. Säit 2021 ass e vu Joer zu Joer méi grouss ginn a mir konnten 2023 mat iwwert 1000 Leit ënnert dem Gilsdref Nuetshimmel zesumme feieren. Nodeems déi leschte Versioun 2024 wuertwärtlech an d'Waasser gefall ass, koumen Zweifel um Open Air Konzept op. Gläichzäitig war dës, eis bis elo opwännegsten Editioun, bei där mir de Leit mat enger professioneller Bühn an enger impressionanter Lichtenlag eng richteg Festival-Ambiance gebueden hunn.

Doropshin ass d'Fro opkomm, ob ee beim lëtzebuergesche Wieder weiderhin op en Open Air setze soll. Nodeems d'lescht Joer vill Leit op eis duer komm sinn an nogefrot hunn, firwat et net méi den Open Air gëtt, wëlle mir elo nach eng Kéier eist Gléck mam Wieder erausfuerderen. Domadder geet de Bal den 13. Juni a seng 5. Editioun a mir freeën eis nees nieft dem Flitts de Bal ee weidert Grousevent an der Gemeng organiséieren ze kënnen.

Fir esou opwänneg Evenementer brauch een natierlech och eng grouss Ekipp. Mat ronn 50 Memberen ware mir déi lescht Joren och gutt verwinnt. Mir freeën eis awer ëmmer iwwert nei Memberen a wollten dofir hei nach eng Kéier virun der Summersaison een Opruff starten.



# GEMENGENIESSEN FIR D'SENIOREN

D'Gemeng an d'Seniorekommissioun hunn zum Ofschloss vum Joer 2025 een lessen organiséiert, wou all Leit iwwer 70 konnten Deel huelen.

Dëst huet an enger ganz gudder Atmosphär, an engem leckeren lessen op der Gare III zu Bettenduerf stattfont.

Bei där Geleeënheet huet de Buergermeeschter all d'Senioren, déi an deem Joer ee ronne Gebuertsdag gefeiert hunn, geéiert.

Si hunn ee schéine Kaddo kritt an sinn alleguer ganz zefridden heem gaangen.

[SENIORS@BETTENDORF.LU](mailto:SENIORS@BETTENDORF.LU)

Besounesch am Summer bitt eise Club eng Rei spannend Aktivitéiten un. Niewent eise Baler organiséiere mir clubintern nämlech nach eng Partie weider Events. Ënnert anerem sinn dat Tournoien, eng Summerparty, ee Winetasting, all 2 Joer eng flott Clubvakanz, Busser fir op de Picadilly oder aner Events an natierlech och spontan Clubowenter mat Spiller a Gegrills.

**Dofir den Opruff, wann Dir iwwer 15 Joer al sidd an Interessi u flotten Aktivitéiten hutt a nei Leit kenneléiere wëllt, dann zéckt net a schreift eis eng Mail oder mellt lech bei engem vun eise Social Media Accounts. Jiddereen ass härerlechst wëllkomm, mir freeën eis op lech!**

Zesumme wëlle mir och an Zukunft mat vill Engagement dozou bäidroen, dat kulturellt a gesellschaftlecht Liewen an eiser Gemeng nohalteg ze stäerken.

[CDJGILSDORF@GMAIL.COM](mailto:CDJGILSDORF@GMAIL.COM)



# FEIERÜBUNG CIS BETTENDUERF

De 27. November 2025 hate mir d'Méiglechkeet an engem eidel stoenden Haus vun der Gemeng eng realitéitsno Übung ofzehalen.

Mir hu profitéiert, fir d'Haus komplett ënner Dampf ze setzen an esou ënner realistesch Konditiounen en éischten Ugrëff mat eisen Otemschutzdréier kënnen ze üben. Eis Ekippen si kuerz gebrieft ginn an duerno hunn si sech och schonn op de Wee bei d'Asazplaz gemaach.

Am Haus konnten 3 Victime lokalisiert a gerett ginn déi duerno vu weidere Membere medezinesch éischtversuergt gi sinn.

No der Übung hu mir all zesammen en Debriefing ofgehale a gekuckt, wat un eisen Ofleef nach verbessert ka ginn.

Esou realitéitsno Übunge mat enger passender Infrastruktur sinn immens wichteg. Et si mat déi geféierlechsten Asätz mat deene mir konfrontéiert ginn; trotzdem zielt all Sekonn fir Leit aus engem brennenden Haus z'evakuéieren an esou Liewen ze retten.

Mir soen der Gemeng Bettenduerf villmools Merci, dat si eis dat Gebai fir eis Übung zur Verfügung gestallt hunn.

**Wann s du gären Deel vun eiser Ekip wëlls ginn, kanns du dech beim Service Volontariat vum CGDIS ënnert der Mail [volontariat@cgdis.lu](mailto:volontariat@cgdis.lu) oder dem Tel. **49771 2332** mellen.**

WEIDER INFORMATIOUNE  
FËNNS DU UM SITE.



[112.public.lu](https://112.public.lu)



# GAART AN HEEM GILSDREF UM TOUR

## Monschau 2025

Gaart an Heem war Enn November 2025 op de Chrëschtmaiert zu Siegburg, Bonn a Monschau. Hei konnten d'Memberen schéin Handwierkskonscht a saisonal Leckereie genéissen.

## Ofschloss-lesse

Am Dezember hate mir een Ofschlossiessen fir eis Senioren, als Unerkennung fir hiert Deelhuelen un de Senioremmëtteger während dem ganze Joer. Et war eng geselleg Ronn, wou vill positiv Erënnerungen ausgetosch goufen, a jiddereen dankbar war kënnen dobäi ze sinn.

- Liliane Schuler-Schmitz



## EIS NÄCHST SENIOREMËTTEGER

(ëmmer ab 14h00 am Paarsall zu Gilsdref)

9. & 23. Juni / 8. & 22. September /  
13. & 27. Oktober / 10. & 24. November /  
15. Dezember

Dir sidd all häerzlech invitéiert, un deene flotten Treffen deelzehuelen.



# DANZSPORT BETTENDREF


Säit méi wéi 10 Joer huet d'Gemeng Bettenduerf elo schonn e Veräin deen et kaum an anere Gemenge gëtt. Obwuel et e klenge Veräin ass, maache mir eist Beschtt fir dës eenzegaarteg Aktivitéit, voll Spaass, Bewegung a mentalen Ufuerderungen, eise Koppelle vu jonk bis an den héigen Alter nozebréngen.

Duerfir bidde mir, nieft eisem reegelméissegem eegenem Training, säit September 2025 och Danzcoursen a Standard a Latäin fir Ufänger un. 14 Koppelle waren um Start wou fir mir dunn, no der opgeluechter Januarpaus, Ufank Februar eng zweet Grupp niewent den „Avancés“ proposéieren. Den Enthusiasmus ass grouss, grad ewéi de Spaass.

Dernieft wëlle mir eise groussen Event vun 2025 och dëst Joer nach emol organiséieren: Den Cherry CUP 2026, am Centre Sportif Bettendorf, ee ganze Nomëtteg wou dir international Spätzekoppelen kënt an hirem Turnéierelement bewonneren.

- Francine Leboutte Adam

WEIDER INFORMATIONE  
FANNT DIR OP EISEM SITE.



[danzsport-bettendref.lu](http://danzsport-bettendref.lu)

# „D'IERZENZOPP ASS GUTT“

## 81. JOREDAG VUN DER BEFREIUNG

Duerch d'Evenementer ëm den 18. Januar 1945, dem Sauer River Crossing, steet Zäit vu Mëtt Januar fir d'Befreiung vu Bettenduerf. An esou hat de Syndicat dëst Joer well fir d'drëtte Kéier op dës Feierlechkeeten agelueden.

Nom River Crossing 2020 an dem Walk Through History 2025 war d'Editioun vum 81. Joresdag vun der Befreiung awer e bësse méi iwwerschaubar ausgefall an de Syndicat hat op en interessante Filmowend op de Camping Um Wirt agelueden.

Hei kruten déi knapp 100 Spectateuren e flotten an informative Programm präsentéiert. Wéi gewinnt an engem heemlechen an typesch dekorative Kader ass et um 18:00 lass gaang. De John Dernelen hat e Virtrag zum Thema „Fliegerofstierz am Raum Bettenduerf“ gehalen a konnt de Leit vill flott Anekdoten a Geschichte vu senge Recherchë zielen.

No dësem ganz informative Virtrag koum et dunn zum Hauptdeel an zwar der Virféierung vum Film „D'Ierzenzopp ass gutt“. E Film vum Fred Mersch, dee produziéiert gouf vun de Mierscher Guiden a Scouten an Zesummenaarbecht mat de Mierscher Geschichtsfreënn.

Luxemburger Volksliga L.V.L, wou hie Gruppchef vu Bettenduerf a spéider Distrikt-Chef vun Dikrech war. 1943 gouf hie verhaft an ass an d'KZ Hinzert komm, wou hie gefoltert a mësshandelt gouf. De 17. Dezember 1944 ass hien am Spidol zu Hermeskeil un de Suiten dovu gestuerwen.

Nieft dem Charles Hansen gëtt am Film och de Poly Greisen erwänt, deem am Kader vum Nationale Commemorationsdag am Oktober 2025 vun der Gemeng Bettenduerf geéiert gouf an deem säi Graf zu Gilsdref um Kierfecht ass. Nom Film huet den Dréibuchauteur Erny Kohn nach puer ganz interessant Commentairen zum Film ginn.

Fir dëse gelungenen Owend ofzeschléissen, hat de Camping Um Wirt de Spectateuren een hausgemaachte Burger zerwéiert. Bis spéit an d'Nuecht era gouf nach iwwert all déi sëlleg Informatiounen vum Owend zesumme bei engem Patt geschwat.

Op dëser Plaz seet de Syndicat alleguer de Leit nach eng Kéier e ganz grouse Merci fir hier Präsenz an der Ekipp vum Camping Um Wirt e grouse Merci fir d'Bereetstellen vun de Raimlechkeeten.

Et dierf ee gespaant si wat 2030 am Kader vum 85. Joresdag gebuede gëtt.

- Andy Dernelen, Syndicat vu Bettenduerf



De Protagonist vum Film Charles Hansen (17.08.1906 Schëndels – 17.12.1944 Hermeskeil) hat eng enk Relatioun mat Bettenduerf: hie war éischte Comptabel op der Zettingermillen an huet zu Bettenduerf gewunnt. Ab 1940 huet hie mam Pierre Manderscheid vu Bettenduerf Alliéierten op der Flucht gehollef an och honnerte Lëtzeburger Jonge gerett. 1941 gouf hie Member vun der



GENERALVERSAMMLUNG

# POMPJEES-MUSIK BETTENDUERF

## Generalversammlung

De 6. Februar hu mir eis Generalversammlung ofgehalen. Eise Veräin hat 2025 am ganzen 63 Memberen. Dat sinn 24 Pompjeeën, 34 Musikanten, 8 inaktiv Memberen (déi de Veräin ënnerstëtzen, ouni Pompjee oder Musikant ze sinn) a 4 Veteranen. 7 Memberen sinn dobei souwuel an de Pompjeeën wéi och an der Musik aktiv.

Den Tom Zuné (CIS Chef) an den Alexander Lang (CIS Chef adjoint) hunn de Rapport vum Centre d'Incendie et de Secours Bettendorf – kuerz CIS Bettendorf – virgestallt. Den CIS hat insgesamt 66 Interventiounen: 10 mol Feier, 17 technesch Asätz a Sauvetage an 28 First Responder Asätz. Fir op déi ënnerschiddlech Asätz virbereet ze sinn, haten d'Pompjeeën 24 Übungen zu de verschiddensten Themen an do dernierft och nach 30 Maintenancen, wou virun allem d'Asazmaterial kontrolléiert a gefléckt an de Pompjeesbau geraumt a gebotzt gouf.

D'Sektoun vun der Musik hat hier alljärelech Aktivitéite wéi den Galaconcert, Chrëschtconcert, Hämmelmarsch zu Bettenduerf a Méischtref a 8 weider Concerten a méi kleng Optrëtter.

Als gemeinsam Aktivitéite haten d'Pompjeeën an d'Musik d'Generalversammlung, Buergbrennen, den 1. Mee, d'Musiksfest, ee Veräinsessen an de Besuch vum Kleeschen am Musikssall.

D'Zesummesetzung vum Comité huet sech duerch d'Demissiou vum Fränk Schleich a Gracinda Badois geännert: Guy Schroeder (President), Laurent Schauls (Vicepresident), Lynn Schilz (Sekretär), Tom Poecker (Tresorier Veräin a Sektoun Musik), Alex Poecker (Tresorier Sektoun Pompjeeën) an d'Memberen Luc Hamen, Mich Hau a Sandra Weber. Et ass domat ee ganz jonke Comité mat deem jéngste President an eiser 126 järeger Veräinsgeschichte mat 24 Joer. De Fränk an d'Gracinda krute fir hir 15- resp. 5-järeg Aktivitéit am Comité – woubäi de Fränk och 6 Joer President war – Merci gesot. Ee weidere Merci krut de Nic Kremer mat sengen 90 Joer fir seng 72 Joer Member am Veräin.

Duerno krute 6 Musikanten eng Medail vun der UGDA fir Aktivitéit vun 10 a 40 Joer: Ketti Kugener (10), Ivan Fasano (10), Carole Weber (40), Sandra Weber (40), Isabelle Schon (40), Monique Groeff (40).

## Am Ausbléck op d'Joer 2026 hu mir virleefeg folgende Programm:

**Buergbrennen (21. Februar)**

**Galaconcert (25. Mee)**

**Concert Camping Blesbréck (20. Juni)**

**Concert Al Dikkrich (13. Juli)**

**Hämmelmarsch Bettenduerf & Méischtref  
Musiksfest (7. November)**

**Chrëschtconcert (12. Dezember)**

## Buergbrennen

Den 21. Februar hu mir traditionell d'Buerg zu Bettenduerf um Dräieck gebrannt.

Dëst Joer si mir déi eichte Kéier net méi bei d'Awunner ophiewe gaang. Doduerch hate mir méi Zäit fir a Rou a mat vill Spaass d'Buerg ze bauen an d'Plaz ze preparéieren, wouduerch mir den Dag nach méi am Veräin genéisse konnten. Ee grouse Merci geet dobei un d'Entreprise Kisch, déi eis all Joer wäertvoll ënnerstëtzt.

Alternativ konnten d'Awunner eis een Don iwwer de Flyer maachen, wou mir op dëser Plaz ee grouse Merci fir hir Ënnerstëtzung soe wëllen.

Falls Dir dat verpasst hat an eis awer ënnerstëtze wëllt, wiere mir ganz frou wann Dir een Don iwwer Payconiq oder op déi folgend Kontosnummer mat der Motioun Don Pompjees-Musik Bettenduerf géift maachen:



Banque Raiffeisen,  
POMPJEES-MUSIK  
BETTENDURF ASBL  
LU85 0090 0000 0104 7430

## Nei Memberen

Mir sinn ëmmer op der Sich no neie Memberen.

**Du spills een Instrument a wëlls gären an enger villsäiteger Musik matspillen?**

**Dann kontaktéier eis ënnert [info@pmb.lu](mailto:info@pmb.lu).**

Du wëlls net an d'Pompjeeën oder an d'Musik, mee du wëlls awer als inaktive Member an de Veräin komme, an eis op eisen Aktivitéiten hëllefen? Dann kontaktéier eis ënnert [info@pmb.lu](mailto:info@pmb.lu).

Mir freeën eis op dech.



### BUERGBRENNEN





ADVENTSCONCERT  
2025



# WANTERMAART

De 5. Dezember 2025 war et nees esou wäit: De Syndicat d'Initiative huet op seng zweet Editioun vum Wantermaart agelueden – an enger einfacher Scheier tëscht Bettenduerf a Méischtref, eng Plaz, déi verwandelt gouf an ee Mier voller Luuchten, herrleche Geréich a chrëschtlech Stëmmung.

## De Wunsch no enger zweeter Editioun

D'Erënnerung un den éischte Wantermaart war nach ganz präsent. Viru genee zwee Joer hat d'Première an der léif dekorierter Scheier vum Geschäft Flower Power stattfonnt. Bannen ewéi bause war deemools eng waarm a festlech Atmosphär geschaf ginn, déi vill Visiteure begeeschtert hat. Séier war een sech eens: Dëse Maart dierft keng eenzel Initiativ bleiwen.

Allerdéngs war d'Veräinsjoer 2024 vu villen anere Manifestatiounen gepräagt, esou datt keng Zäit bliwwen ass, fir schonn d'Joer drop eng nei Editioun z'organisieren. Ëmsou méi grouss war d'Freed, wéi fréi feststoung: 2025 gëtt et eng zweet Editioun.

Ursprénglech wollt een nees op de Site vun der Première zeréckgoen. Well dat net méiglech war, huet de Comité sech op d'Sich no enger Alternativ gemaach – an ee neien Objet gouf schnell fonnt, onbekannt an awer gutt erreechbar fir all Mënsch. D'Scheier tëscht Bettenduerf a Méischtref huet

sech als ideal erausgestallt: rustikal, grouss a mat vill Méiglechkeeten, fir eng stëmmungsvoll Kuliss ze schafen.

## Mat vill Häerzblutt preparéiert

Wien de 5. Dezember déi festlech dekoréiert Scheier betrueden huet, konnt kaum erdreemen, wéi vill Aarbecht an den Deeg virdu gelescht ginn ass. D'Membere vum Syndicat hunn Äscht bruecht, Bierkestämm placéiert, Lichterketten opgehaangen an déi ganz Scheier an eng richtig Wanterkuliss verwandelt. Mat vill Léift zum Detail ass eng authentesch, waarm Chrëscht dagsstëmmung entstanen – wäit ewech vun industrieller Perfektioun, mee ganz no beim Charme vum Handgemaachten.

Deeglaang gouf geplangt, gedroen, dekoréiert an organiséiert. Den Usproch war kloer: Am Verglach zur éischter Editioun wollt een nach eng Kéier eng Schépp drop leeën an datt dat gelongen ass, dofir hunn och d'Schoukanner aus der Gemeng Bettenduerf gesuergt. Aus allen Zyklen krute mer flott Arrangementer, déi d'Kanner selwer entworfen haten an déi un déi sëlleg Krëschtbeemercher, déi d'Hal opgefëllt hunn, gehong si ginn.

## En Owend voller Begeegnungen a Musek

Pünktlech ëm 17 Auer sinn d'Dieren opgaangen. Tëscht 200 an 250 Leit hunn am Laf vum Owend



de Wee an d'Scheier fonnt. Kreativ Ausstellerinnen an Aussteller hunn op hire Stänn handgemaachte Produkter, Kaddosiddien a kulinarisch Klenggekeeten ugebueden. Et gouf gestöbert, geschmaacht, gelaacht an diskutéiert.

Fir de musikalesche Kader huet d'Grupp Two VoiSis gesuergt, déi mat gefillsvollen Interpretatiounen vu bekannte Chrëschtagslieder duerch den Owend gefouert huet. Hir harmonesch Stëmme hu fir déi speziell Atmosphär gesuergt, déi aus engem schéinen Owend e besonnescht Erleefnis mécht.

Och fir d'Wuel vum Bauch war gesuergt: Glühwäin huet kal Hänn gewiermt, Chrëschtagsbéier huet d'Offer ergänzt, an wien Honger hat, konnt eng Wurscht – mat oder ouni Sauerkraut – oder eng gutt Zopp genéissen. Séissegkeeten an aner Leckereien hunn d'kulinarescht Bild ofgeronnt.

### En historesche Moment: De Kleeschen am Jeep

E ganz besonnesche Moment war d'Ukënnegung vum Hellege Kleeschen. Zesumme mam Houseker ass hien – ganz am Sënn vun der Traditionsfleeg vum Veräin – an engem historesche Willis Jeep ukomm.

Dës symbolträchteg Zeen huet bewosst un d'Geschicht ugeschloss: Viru méi wéi 80 Joer ass de Kleeschen zu Wooltz an esou engem Jeep erugefuer ginn – e Bild, dat sech an d'kollektiv Erënnerung agedréckt huet. Datt de Syndicat dës Traditioun nees opliewe gelooss huet, passt zu sengem Engagement, déi lokal Geschicht lieweg ze halen.

D'Kanner ware begeeschtert. Mat feieregen Aen hunn si hire Boxemännchen entgéintgeholl, deen als kleng Kaddo verdeelt gouf. Fir vill Famillje war dat de gefillsméisseg Héichpunkt vum Owend.

### E Fest bis an déi fréi Moiesstonnen

Wat als Wantermaart ugefaangen huet, huet sech am Laf vum Owend zu engem gemittleche Beieneen entwéckelt, dat eréischt an de fréie Moiesstonnen op en Enn gaangen ass. Déi lescht Gäscht hunn sech géint dräi oder véier Auer dervu gemaach.



Vill waren sech eens: Den Opwand, deen d'Membere gelescht hunn, war immens – bal ze vill fir nëmmen een eenzeggen Owend. Ëmmer nees war ze héieren, datt eng nächst Editioun gär iwwer zwee Deeg kéint goen.

### A wéi geet et weider?

Ob, wéini a wou den nächste Wantermaart stattfënnt, bleift nach op. Sécher ass awer: Déi zweet Editioun huet gewisen, wéi vill Engagement, Kreativitéit a Gemeinschaftsgefill am Syndicat stécht.

D'Scheier tëscht Bettenduerf a Méischtref ass fir een Owend zu engem Treffpunkt vun de Generatiounen ginn – eng Plaz, wou Geschicht, Musek, Kulinarik a Mënschen sech zu engem harmonesche Ganzen zesummefonnt hunn.

An vläicht ass dat dat schéinst Kompliment un d'Organisateuren: Vill Gäscht si mam Wunsch heemgaangen, d'nächst Joer nees dobäi ze sinn – am beschten direkt fir zwee Deeg.

- Patrick Mergen

# NORDSTADJUGEND

Säit dem 1. Februar 2026 garantéieren d'Educateure vum „Regionale Jugendservice“ vun der NOJU wéchentlech Dënschdes vu 16h00-19h00 am Härenhaus zu Bettenduerf (24 rue de l'Eglise) d'Renconter fir déi Jonk tëscht 11 a 26 Joer!

Wann dir wëllt u flotten Aktivitéiten an a ronderëm är Gemeng deelhueven oder souguer an eng Kolonie fueren, da besicht eis gär an a mir plangen zesummen är Fräizäitaktivitéiten.

WEIDER INFORMATIOUNE  
FANNT DIR OP EISER  
INTERNETSÄIT ËNNERT  
WWW.NOJU.LU.

 NORDSTADJUGEND

 NORDSTADJUGEND ASBL

## 2026

Méi infoe fannt dir op: [www.noju.lu](http://www.noju.lu)

 noju  noju asbl



STINA SCHREURS  
stina@noju.lu  
+352 691 80 91 70



GABRIELLE KOX  
gabrielle@noju.lu  
+352 691 80 91 71



MEINDES	DËNSCHDES 16h00-19h00	MËTTWOCHS 16h00-19h00	DONNESCHDES 16h00-19h00	FREIDES 16h00-21h00	SAMSCHEDES	SONNDES
OPSICHEND JUGENDAARBECHT	<b>BETTENDUERF</b> Härenhaus 24, rue de l'Eglise	<b>SCHIEREN</b> Sall vum Club des Jeunes	<b>REISDUERF</b> Sportshal	<b>COLMER-BIERG</b> Haus 12, A Morisacker	<b>AKTIVITEIT/ EVENTER</b>	<b>AKTIVITEIT/ EVENTER</b>
OPSICHEND JUGENDAARBECHT	<b>BETTENDUERF</b> Härenhaus 24, rue de l'Eglise	<b>SCHIEREN</b> Sall vum Club des Jeunes	<b>REISDUERF</b> Sportshal	<b>COLMER-BIERG</b> Haus 12, A Morisacker	<b>AKTIVITEIT/ EVENTER</b>	<b>AKTIVITEIT/ EVENTER</b>
OPSICHEND JUGENDAARBECHT	<b>BETTENDUERF</b> Härenhaus 24, rue de l'Eglise	<b>SCHIEREN</b> Sall vum Club des Jeunes	<b>REISDUERF</b> Sportshal	<b>COLMER-BIERG</b> Haus 12, A Morisacker	<b>AKTIVITEIT/ EVENTER</b>	<b>AKTIVITEIT/ EVENTER</b>
OPSICHEND JUGENDAARBECHT	<b>BETTENDUERF</b> Härenhaus 24, rue de l'Eglise	<b>SCHIEREN</b> Sall vum Club des Jeunes	<b>REISDUERF</b> Sportshal	<b>COLMER-BIERG</b> Haus 12, A Morisacker	<b>AKTIVITEIT/ EVENTER</b>	<b>AKTIVITEIT/ EVENTER</b>

## DU BASS SELBSTÄNNEG ODER HUES E BETRIIB AN DER GEMENG?



De Schloper bitt dir d'Méiglechkeet deng Entreprise oder däi Service ze presentéieren! Fir matzemaachen, scann einfach dëse QR-Code a fëll de Formulär aus. Mir kontaktéieren dech dann.

Le Schloper t'offre la possibilité de présenter ton entreprise ou ton service ! Pour participer, il suffit de scanner ce code QR et de remplir le formulaire. Nous te recontacterons ensuite.



# THEATERFRÄNN KUEFRÄFLI

Mir stellen eis fir - d' Theaterfränn KueFräFli, enchantéiert. Eis gött et eréischt säit kuerzer Zäit, wëll gegrënnt hu mir dëse Veräin am Oktober 2024. An awer hu mir schon e puer Aktivitéiten organiséiert, a mir sinn aktiv am Veräinsliewen dobäi.

Nach ouni Theaterstéck, hu mir als alleréischt emol een anere Grupp bei eis invitéiert. Tri2Pattes sinn am Februar 2025 zu Gilsdref opgetrueden. Ausserdeem haten d'Leit aus der Gemeng un Nationalfeierdag d'Geleeënheet fir eis kennen ze léieren. Mir waren do mat engem Grillstand vertrauden a hunn do ee flotte Moment mat de Leit verbruecht.

Am meeschten um Häerz läit eis awer natierlech eis éischt eegen Opféierung. Laang hu mir geprouft, eis Bün opgebaut, an ee flotte Kader fir d'Leit organiséiert, an dat alleguer zesummen. Dat huet eis zesumme geschweesst, an esou konnte mir dann och mat grousem Houfert eist éischt Stéck virféieren.

Den 28. Februar, an de 7. an 8. März stoung mir mat "Männergripp - liefs du nach oder stierfs du schonn?" op der Bün. Ronn 500 Leit hu mir domat zum Laache bruecht, wat eis ganz frau an houfreg gemaach huet.

Mir wëlle vun dëser Geleeënheet profitéiere vir nach eemol jidderengem Merci ze soen deen eis virun der Bün, hannert der Bün, hannert dem Comptoir an och natierlech op der Bün ënnerstézt huet.

Elo gött emol kuerz gerascht (vläit gi mir fëschen?) an dann si mir scho ganz gespaant wat mir nächst Joer vir lech opféieren.

- David Leuenberger



# GROUSS BOTZ

## RONN 50 FRÄIWËLLEGER AM ASAZ FIR ENG PROPPER NATUR

Déi traditionell "Grouss Botz", déi vun der Mobilitéits- an Ëmweltkommissioun initiéiert gouf, huet dëst Joer vill engagéiert Biergerinnen a Bierger zesummebruecht. Ronn 50 Fräiwëlleger hunn sech de 14. Mäerz zesumme fonnt, fir d'Stroossen, d'Feld- a Bëschweeër vu Knascht an Offall ze befreien an domat e wichtege Bäitrag zum Schutz vun eiser Ëmwelt ze leeschten.

Schonns freides, den 13. Mäerz, waren d'Schoulkanner aktiv: Trotz schloendem Reen hunn si sech op de Wee gemach an eng beandroekend Zuel u Stroossen a Weeër gebotzt. Mat hirem Asaz hunn si e wichtege Start fir d'Botzaktioun gesat an domat och gewisen, wéi wichtig den Engagement fir eng propper Natur ass.

De Samschdeg ware virun allem Memberen aus de Sport- a Kulturveräiner, mee och aner engagéiert Awunner aus der Gemeng am Asaz. Fir d'Aarbecht ze erliichteren, kruten d'Participanten Händchen a Poubellestuten, mat deenen si op den Tour geschéckt goufen.

A verschidde kleng Ekippen opgedeelt hunn déi Fräiwëlleg sech iwwert den Territoire vun der Gemeng ausgebreet an d'Feld- souwéi d'Bëschweeër gebotzt. Wéi bal all Joer ass dobäi opgefällt, datt et e puer Brennpunkte gëtt, wou ëmmer nees massiv Offall an d'Natur geworf gëtt. Dat ass ëmsou méi bedauerlech, well ëmmer nees drop higewise gëtt, datt keen Offall an d'Wisen oder an d'Natur gehéiert. Esou Knascht kann

nämlech fir Déieren eng seriö Gefor duerstellen: Wann zum Beispill Kéi esou Offall matfressen, kann dat zu schwéiere Gesondheetsproblemer féieren an am schlëmmste Fall souguer dozou, datt d'Déier muss geschluecht ginn.

Géint Mëtteg hunn sech all d'Participanten nees zesumme fonnt. Bei enger Penne all'arrabiata, an engem Stéck Taart, präparéiert vun den 2 Gemengekäch, dem Daniel an dem Philippe, gouf sech an enger gemittlecher a lëschtger Atmosphär iwwert déi divers Fondstécker ausgetosch.

D'Gemeng souwéi d'Membere vun der Mobilitéits- an Ëmweltkommissioun soen all de Fräiwëllegen Merci fir hiert Engagement an hire wäertvolle Bäitrag zu enger propperer an erhalenswäerter Ëmwelt.

- Patrick Mergen



# MORT POUR LA PATRIE

Nom leschte Krich hat d'Regierung all Gemeng opgeruff fir hir d'Nimm vun deenen Affer an hirer Gemeng matzedeelen, déi a Fro géife kommen fir den Titel „MORT POUR LA PATRIE“ zougedeelt ze kréien.

An eiser Bettenduerfer Gemeng (Bettenduerf, Gilsdref & Méischtref) waren dat 32 Leit, dovun 18 zwangsrekrutéiert Jongen déi gefall oder vermësst sinn, a 14 Bierger\*Innen déi duerch Krichsawierkungen gestuerwe sinn.

Elo, 80 Joer nom Enn vum Krich hunn e puer Leit sech zesummegeesat an Zesummenaarbecht mat der Bettenduerfer Gemeng an e puer Privatleit, fir d'Famillje vun deenen 32 Affer opzesichen, an am Mount Oktober 2026 eng gréisser Gedenkfeier z'organisieren, wou dann och d'Familljemembere vun deene Verstuerwenen, wéi och all Bierger, ageluede ginn.

Well dat haut duerch den Dateschutz bal net méi méiglech ass, lancéiere mir heimat een OPRUFF un all Leit déi eppes vun deenen 32 Affer wëssen, oder Famill waren, sech bei eis ze mellen, fir dass mir esougutt et geet eng Lëscht vun de Familljemembere vun de Verstuerwene kënnen opstellen.

## Heifir kënn Dir lech bis zum 1. September 2026 melle beim:

Jim Schuler (Gilsdref)  
Tel: 691 530 340 | E-mail: gschuler@pt.lu

Marc Magar (Gilsdref)  
Tel: 621 417 804 | E-mail: mmagar@pt.lu

Tom Poecker (Bettenduerf)  
Tel: 621 702 337 | E-mail: tompoecker@yahoo.de

Mir wäerten déi Leit déi sech gemellt hunn da perséinlech kontaktéiere fir iwwer weider Detailler ze schwätzen.

Hei hannendrun fannt Dir d'Lëscht vun deenen 32 Jongen & Bierger\*Innen esou wéi se am „Livre d'Or des Victimes“, opgefouert sinn, dat den 31. Dezember 1971 vum Innenministère verëffentlecht gouf.

Wann Dir selwer interesséiert sidd, fir hei matzeschaffen, kéint Dir eis dat och iwwert déi virgenannte Weeër matdeelen.

Mir soen lech elo schonn am Numm vun alle Krichsaffer aus der Gemeng Bettenduerf ee grouse Merci.

- Jim Schuler, Marc Magar & Tom Poecker

—

1. Back Léopold, né le 19.11.1922 à Bettendorf
2. Bollendorff Charles, né le 20.9.1921 à Dippach
3. Ernzen Camille, né le 29.6.1926 à Bettendorf
4. Ernzen Joseph Thomas, né le 10.3.1924 à Bettendorf
5. Hansen Charles, né le 17.8.1906 à Schoenfels
6. Heber Jean, né le 2.9.1922 à Gilsdorf
7. Hoffmann Mathias, né le 17.2.1913 à Gilsdorf
8. John Jean, né le 26.4.1908 à Bettendorf
9. Leisen Jean Pierre, né le 31.1.1923 à Bettendorf
10. Lorenz Aloyse Nicolas, né le 30.7.1921 à Gilsdorf
11. Lorenz Jean Pierre, né le 8.4.1920 à Gilsdorf
12. Manderscheid Pierre, né le 30.8.1902 à Bettendorf
13. Mathes Anne, épouse Collé, née le 3.4.1873 à Bettendorf
14. Mathes François, né le 10.5.1864 à Bettendorf
15. Medernach Albert, né le 6.11.1921 à Gilsdorf
16. Meisch François, né le 17.12.1922 à Lintgen
17. Meisch Nicolas, né le 13.4.1921 à Lintgen
18. Menster Michel, né le 9.6.1880 à Bettendorf
19. Muller Anne, épouse Dupont, née le 30.5.1856 à Bettendorf
20. Muller Jean, né le 9.10.1906 à Bettendorf
21. Roettgers Jean, né le 25.11.1922 à Vianden
22. Schommer Pierre, né le 30.3.1896 à Bettendorf
23. Schuller Armand Adolphe, né le 31.5.1922 à Moestroff
24. Steinberg Valentin, né le 21.5.1923 à Bettendorf
25. Theis Guillaume, né le 25.5.1887 à Bettendorf
26. Theis Nicolas, né le 15.9.1922 à Bettendorf
27. Thielen Jean, né le 9.11.1915 à Diekirch
28. Waxweiler Jean-Pierre, né le 13.2.1870 à Bettel
29. Welter Nicolas, né le 21.12.1923 à Gilsdorf
30. Werdel Albert, né le 26.4.1921 à Bettendorf
31. Weyland Theodore, né le 9.6.1921 à Bettendorf
32. Zenner Jean, né le 16.4.1900 à Gilsdorf

# D'GEMENG BETTENDUERF VIRUN 100 JOER

## ENG AUSWIEL VUN NORIICHTEN AUS DEM JOER 1926

### JANUAR

#### Héichwaasser zu Bettenduerf a Gilsdref

Um Joreswiessel 1925/1926 goufe Bettenduerf a Gilsdref vun engem schwéieren Héichwaasser getraff, esou wéi et an de Joren 1844, 1880 an 1918 schonn de Fall war. Doduerch dat den Damm zu Bettenduerf gebrach war – déi drëtte Kéier zënter séngem Bau 1888 – stoung d'Waasser bis bei d'Haus Frieders (1 Rue du Pont), wat een onschätzbare Schued fir d'Awunner bedeit huet. Zu Gilsdref goufe virun allem d'Gäert vun de manner bemëttelte Leit an den Aarbechter a Matleedenschaft gezunn, well d'Waasser net offléisse konnt. Den 3. Januar huet den Deputéierte François Erpelding (1879-1961) sech d'Situatioun an den zwee Dierfer ugekuckt. Ee méi héije Besuch krut Bettenduerf den 8. Februar an de Persounen vum Staatsminister Pierre Prüm (1886-1950) an dem Generaldirekter vun den ëffentleche Bauten (Bauteminister) Norbert Dumont (1883-1956), déi zesumme mam Deputéierten Erpelding an dem Bezierksingenieur Simon d'Lag vum Buergermeeschter a Vertrieeder vun den Awunner gewisen an erklärt kruten. An der Suite gouf et verschidden Iddie fir Moosnamen um kommunalen an nationalen Niveau z'ergräifen.


### FEBRUAR

#### Abriecherband zu Bettenduerf

